

Françoise Hetto Ried Prostitution

Als fréier Chancegläichheetsministesch hat ech duerch den deemolegen Koalitiounsaccord den Optraag ,fir a Sachen Prostitutioun, ze ennersichen, wéi eng Alternativen et gif zum schwedeschen Modell gin.

kritt fir ze ennersichen wei eng Alternativen et geif zum schwedeschen Modell, d'Prostitutioun betreffend, gin.

Ech hun deemools ugefangen andeems ech mat eise Leit vum Terrain(Drop in, Police, Parquet, de Prostitutéierten selwer) geschwat hun, an dunn sin ech eng Partie Länner besichen gaangen fir ze kucken wéi si domdadder emgin.

Genee sou huet d'Madame Mutsch dat jo och lo nees gemacht. Ech hat **net** den Optraach den schwedesche Modell hei zu Letzebuerg anzeféieren, mee wi gesot alternativ Pisten ze erfuerschen.

Aus allen Iwerléungen eraus as dunn di Plattform Prostitutioun am Oktober 2012 an d'Liewe geruff gin, wou all dei implizeiert Acteuren aus Letzebuerg ronderem en Desch soutzen.

Des Plattform besteet nach ëmmer, an ech begréissen dat ausdrécklech.

Demols scho waren Exit Strategien, besseren Encadrement, Gesondheetsmesuren, Préventioun, Educatioun a méi sStreetwork ugeduecht;mee et war net mi riets iwert den schwedeschen Modell als Alternative fir Letzebuerg, well

sech all Acteuren vun der Plateform ausdrécklech dergéint ausgeschwat haten.

Dobäi louch d'Proposition de loi vun de Madame dall Agnol, der Madame Err an dem Marc Angel aus dem Joer 2008 um Desch, a mir hätten-grad esou wi d'Ministesche elo- se just brauchen emzesetzen, hätt dann eng allgeméng Zoustimmung zum schwedeschen Modell bestanen.

Mettlerweil sin ech Member vun der APCE , an ech muss soen, nodeems mer zu Stroossbuerg lang a breed iwert Prostitutioun débattéiert hun, as meng perséinlech Approche méi nuancéiert:

Wa mer et gife ferdech brengen de schwedeschen Modell fir di ganz europäesch Unioun anzeféieren, dann gife mer op engem territorial gesinn rieseg grousssem Gebidd net een deem aneren de Probleem doghinner schuppsen , mee virun allem den Menschenhändler en daitlecht Signal gin: Europa as **kéng** Plattform fir Menschenhandel an Prostitutioun.

Mee vu di ennerschiddlech Approchen vun den Länner si mer heivunner nach wait ewech, an et heescht eng Solutioun fir eist Land ze fannen.

Wat as Prostitutioun

Prostitutioun as en delikaten Sujet, an d'Meenungen heiriwer sin gedeelt: di eng considéieren et wi en Job , anerer gesin et als eng atteinte un d'Dignitéit vun der Persoun di sech prostituéiert.

Ech soe bewosst net Fraen, well et och Männer a Jongen get di sech prostituéieren.

Am Moment si verschidden Staaten am gangen hir Politik ze iwerdenken, an an hiren Parlamentar-sou wi mir dat elo machen- en Débat ze féieren.

Ofgesin dovunner dass een enntert de Prostituéeierten Fraen a Männer aus allen Alterskategorien fennt a vun allen Nationalitéiten,

Ofgesin dovunner dass Prostitutioun sech op ville verschiddenen Platzen kann ofspillen, as et e **Fakt** dass et e ganz ganz enke Lien tescht Prostitutioun an Menschenhandel get: di grouss Majoritéit vun den Prostituéeierten an Europa (an och soss an der Welt) sin Affer vu Menschenhandel. Et kann een net iwert Prostitutioun schwätzen an **net** an engems iwert dat infamt Geschäft vum Menschenhandel.

Prostitutioun as e Milliardenegeschäft, dat gréisstendeels um Bockel vun deenen Allerärmsten ausgedroe get.

Weltweit get geschat, dass d' Prostitutioun duerch Menschenhandel eng 28 Milliarden US Dollar ausmecht.

Kanner gin matgefangen gehalten, fi doderduerch kenne Drock op d'Mammen ze machen fir welleg a gefügeg hire Freier hir Wensch ze erfellen.

Fraen gi gezwongen an Pornosfilmer matzespillen, Filmer déi dann dueno als Drockmettel benotzt gin, fir si ze erpressen. Prostitutioun haut as eng aner wi Fréier. D' Clients sin zum Deel méi pervers, méi exigent (vill vun hinnen verlangen no ganz jonken Persounen), sin gewaltäteg géint iwer den Prostitueierten, a carréemnt krank.

Een deen op eng flatrate-offer zréckgräift (fir 30€ sou vill Kierper consuméieren wie e packt-ech soe bewosst Kierper konsuméieren, well anescht léisst sech dest dégoûtant Behuelen net beschreiwen), deen huet kee Respekt, awer och null Respekt virun engem Mënsch, an as a mengen Aen carrément krank.

An de leschte Joeren sin vill Fraen aus den Ostblocklänner (besonnesch aus Rumänien a Bulgarien) heihinner komm, a bidden hir Servicer fir e puer Sou un. Sex ze kafen, sech e Kierper ze kafen kascht haut net méi wi beim Coiffeur eng nei Hoercoupe.

Di allermannsten vun hinnen stin fraiwelleg an eise Stroossen. An dofir well ech mech ganz besonnesch fir hir Cause asetzen.

Op et elo Stroossen oder Wunnengen oder soss Raimlechkeeten sin, haut kennt eng nei Form vun Kontaktméiglechkeet derbei di een net ausser Uecht dierf loosen: den Internet.

Emmer méi get sech iwert Internet mateneen a Verbindung gesat, ausgetosch (och am positiven: mat aneren Fraen, fir sech géigesäiteg ze warnen virun Kranken a perversen Freieren, do get et esou guer speziell Appen derfir)

Ganz besonnesch di Jonk wielen den Internet fir esou hir Servicer unzebidden.

A wann ee weess dass Sex iwert Online Booking méi liicht an diskret ze kréien as wéi wann een sech eng Prostitueierten muss op den Terrain siche goen, dann brauch een net vill Fantasie fir ze wessen, dass grad aus deser Ursach eraus d'Zuel

vun deene Persounen déi et och emol wellen probéieren wéi et as fir bei eng Prostituierten ze goen, secher net wert ofhuelen: mais am Géigendeel!

A wa Prostitutioun schon schwéier ze kontrolléieren as dann as et den Internet ganz bestëmmt. Mee och do mussen d'Forces de l'ordre en Aa drop halen an di Entwécklung matsuivéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,

Fir dat alles kennen sérieux unzegoen, brauchen si Moyens.

Richteg vill Moyens.

Wa mer net bereed sin des Moyens anzesetzen, dann brauche mer och net schäinheelg dervunner ze schwätzen, dass mer eis matt alle Mëttel géint de Mëschhandel wellen asetzen. Ech kommen spéider dorobber zrëck.

Mir si gefrot gin fir den Débat esou e cadréieren dass di eenzel Parteien zu verschiddenen Aspekter hir Positioun kloer sollen duerléen.

Ech wéilt dofir fir uzefänken ob di ennerschiddlech Approchen vun de Länner anzegoen.

Di ennerschiddlech Approchen vun den Länner, mat hiren jeweilegen Vir-an Nodeeler

D'Fro di sech jo sellt, as déi: get et eng Approche déi derzou baidroe kann dem Menschenhandel en Riggel virzeschieben.

1.)Légaliséieren, respektiv réglementéieren geet jo vun der Prémisse aus dass Prostitutioun unzegesin as wi soss eng Aarbecht; si as legal ënnert gewessen Conditounen. D'Sexworkers sin an deem Fall duerch di jeweileg Gesetzgebungen a puncto Gesondheet, Secherheet an Aarbecht geschützt.Des Approche gouf vun Eistreich, Daitschland,Griechenland, Holland an der Schwaiz adoptéiert. Huele mer d'Beispill vun Daitschland :hei as et un éischer Stell drems gangen Prostitutioun net als eppes anmorales unzegesin, mee als eng bezuelten Activitéit,wou Steieren gife bezuelt gin a wou d'Regelen vun Hygiene, Secherheet , Protectioun an Aarbechstrecht gife eng Roll spillen. Daitschland wollt op des Aart a Weis de kriminellen Macheschaften de Buedem ennert de Féiss ewechrappen.D'Länner selwer sollten fir sech Détailler regelen.

D'Gesetz as 2002 a Kraft getrueden

.
Bis dohinner war et der Police méiglech Prostitutioun mat op de Bureau ze huelen, wat der Prostitueierten d'Méiglechkeet gin huet eventuell hir Situatioun ze dénoncéieren. D'Police dierf elo net mi intervenéieren.Wuel machen si Kontrollen an den Etablissementer , mee si dierfen kee mathuelen an also och kéng Geleenheet schafen fir auszepaken an sech eventuell iwert Messtänn ze bekloen, oder sech och als Affer vun der Traite auszegin.

Leider hun sech och nemmen e Grappvoll Prostitueierten sozialversechert, well anscheinend d'Assurancegesellschaften refuséieren Prostitueierten zu raisonnablen Tariffer als Client ze huelen, wéinst dem héijen Aarbechtsrisiko.

Prostitueierten gin dégradéiert zu Wueren, di dem normalen Marché vun der Offer an der Demande ennerleien; d'Besetzer vun den Heiser versichen den gréisstméiglechen Profit erauszuschloen.

Iwregens soll di dégoûtant Flatrate glécklecherweis verbuede gin.

Fazit as op alle Fall, dass légiféréieren net derzou bäidréit fir de Menschenhandel an de Greff ze kréien, am Géigendeel: d'Geschäft mam keefleche Mënschekierper boomt, an d'Autoritéiten missten sech nach ganz vill aner Moyens gin fir ze poursuivéieren an ze kontrolléieren.

Och an Holland sin d'Autoritéiten zur Conclusioun komm, dass et hinnen mat hirer Legislatioun net gelongen as d'Prostitutioun aus der Clandestinitéit ze huelen. Am Géigendeel: di organiséiert Kriminalitéit kontrolléiert e groussen Deel vun der Sexindustrie.

Conclusioun: Eng Reglementatioun as an eisen Aen net de richtege Wee well een domadder de Probleem vum Menschenhandel net an den Greff kritt, an also den Prostitueierten net helleft, an dat misst jo eisen ultime But sin.

Doriwer eraus as et fir Letzebuerg net méiglech op de Wee vun enger Legalisatioun oder Reglementatoun ze goen, vu dass mir d'UNO Conventioun vun 1949 ennerschriwen hun- à moins dass mer déi gifen dénoncéieren.

2.)Pénaliséieren:

Doderduerch get Prostitutioun illegal, a verschidden Activitéiten gi strafbar.

De prohibitionnisteschen System verbidd all Aspekt: Prostitutioun as carrément verbueden. Länner di desen System hun sin d'Fédératioun de Russie, Albanien, Kroatien a Rumänien, wou bai ee muss soen, dass grad aus Rumänien immens vill Affer vun der Traite an Prostitutioun kommen. D'Fédératioun vun Russland as esou guer signaléiert als eng vun den Hauptdestinatiounen vun der Traite.

An och an Serbien wou d' Prostitutioun verbueden as an et Prisongstrofen tescht 5 an 10 Joer gin, huet Prostitutioun e riesegen Opschwong an de leschte Joeren kritt. D'Police as carrément débordéiert.

Domadder schéngt et och kloer ze sin, dass d'Penalisatioun net duergeet, wann een sech dann dueno net och di néidech Moyens get fir um Terrain ze kontrolléieren.

Donieft huet Prohibitioun ellen Konsequenzen fir d'Prostituéiert selwer: Gewalt géint Prostitueierten as hei heefech, mee si get an desem System net bestroft, well d'Affer jo um Rand vun der Gesellschaft liewen, an sech kaum werten un d'Police oder un d'Gerichter wenden fir gehollef ze kréien.

Beim abolitionnistesche System gin Prostitueierten selwer net bestroft, mee verschidden Activitéiten di domadder an Zesammenhang stin wi z.b. de racolage, d'Zuhältereie oder d'maisons closes. Den abolitionnistesche System refuséiert all Form vun Reglementatioun : Belsch, Italien, Portugal a bis viru kurzem och Frankraich hun dese System applizéiert.

Wann ech elo de System vun eise belschen Noperen analyséieren, da sellen ech fest, dass hir dach awer flou Legislatioun éischer en Opruff as un Bedreiwler vun Bordellen fir sech an der Belsch néierzeloossen. Do boomt et vun Baren a Caféen, wou Animéierdammen sech der Prostitutioun higin. Grad dowéinst hu verschidden Stiet décidéiert mi restriktiv ze gin, an si hun z.b. zu Antwerpen d'Zuel vun den Strossen wou et erlabt as op de Strich ze goen vu 17 op 3 reduzéiert.

Iwerhapt-an dat as ganz wichteg ze betounen- as **all faille an der Gesetzeslag** e Wénk un Menschenhändler an Zuhälter, dass et an deem Land net esou streng gehandhabt gett ma der Prostitutioun.

Hei zu Letzebuerg hu mer och bis dato eng abolitionnistesch Approche, liicht gefiirft vu Reglementarismus, well mer d'Prostitutioun toleréieren an gewessen Stroossen an zu gewessen Zäiten. Prostitutioun as illegal wann eng Drettpersoun op irgend eng Manéier dovunner profitéiert, oder dobäi assistéiert, grad esou wi de Racolage.

Da get et nach den neo-abolitionnistesche System, wi a Schweden op deen ech glaich ze schwätze kommen.

De Koalitiounsprogramm

Am Koalitiounsprogramm steet, dass d'Regierung welles huet di fraiwelleg Prostitutioun besser ze encadréieren.

Dat as alles schéin a gudd: mee wéi wellt een erausfannen wien fraiwelleg an der Prostitutioun as, a wien net?

Wéi well een secherstellen, dass all des fraiwelleg Prostitutioun sech och affiliéieren, an domadder ennert eisen Gesundheitssystem mat all sengen Avantagen fallen?

Wat hellefen all des Mesuren deenen aneren 95% vun Fraen, Meedercher, Jongen a Männer di gezwongen gin sech ze prostituéieren?

Mir kennen wuel e Cader schafen fir eng Minoritéit, mee dann hu mer all deenen aneren 95 % net gehollef, an ech denken dass et genee do as wou mer müssen usetzen.

Wat sin d'Vir-an Nodeeler vum schwedeschen Modell?

Wann ee vum schwedeschen Modell schwätzt da muss ee wessen, dass dese net just beinhalt, d'Clients ze pénaliséieren, mee de schwedeschen Modell as ee Ganzt, deen och Komponenten dranhuet wéi Encadrement vun der Prostitutioun, sozial Secherheet, Exitstrategie etc. Ob des Begreffer well ech spéider agoen well dat och esouu virgesin as fir hei zu Letzebuerg emzesetzen.

Ech beschränke mech also eléng op de Fakt dass beim schwedeschen Modell de Client pénaliséiert get.

Zanter dass Schweden dese Modell 1999 bei sech agefouert huet, hun seng Nopeschlänner Norwegen an Island 2008 an 2009 och dese Modeel gewielt.

Firwat as liicht ze verstoen. Ech gi gleich drop an.

Mee och Länner wi Canada, d'Schwaiz a Frankraich wellen op de Wee goen.

Ausgangen sin se a Schweden vun der Iddi, dass wann d'Demande gif zréckgoen, an déi misst jo zreckgoen wann de Client pénaliséiert get, dann wir et der weltwaiter Sexindustrie net méiglech sech weider auszebreeden. En plus hun d'Schweden d' Prostitutioun als eng Zort Gewalt géintiwer de Fraen ugesin, an domadder als Obstacle an der Chancegleichheet tescht Männer a Fraen.

D'Schweden sin formal an hirer Ausso dass hirt Objektiv- ze découragéieren fir bei eng Prostitueierten ze goen- ereecht as: déi Persounen di erwescht gin, sin all bereed ze bezuelen well se net wellen dass eng Gerichtsprozedur géint si ageleed get, well se wellen évitéieren dass Famill a Patron informéiert gin.

Wann also d'Gesetz eppes ereecht huet , dann as et de Message dass Prostitutioun inacceptable as, a ganz besonnesch di Jonk stin deser Approche positive géintiwer. Souguer sämtlech politesch Pateien sin metttlerweil der Meenung dass et e gudd Gesetz as, am Ufank waren se do net all deser Meenung well d'Gesetz as net à l'unanimité deemols ugeholl gin.

E Rapport deen di schwedesch Regierung 2010 erausgin huet seet kloer dass d'Gesetz och eng Répercussioun op de Menschenhandel hat, well d'Zuel vun den Fraen a Meedercher déi a Schweden geschleeft gin zu Prostitutiounszwecker as drastesch erofgangen(2005: tescht 200 an 400 Fraen am Joer , während a Finland d'Zuel bei 15000 an 17000 lait).

Laut Informatiounen vun Interpol gesin Menschenhändler Schweden net mi als attraktivt Land un, si hun erkannt dass et a Schweden riskant a geféierlech gin as, an si zitt et dofir éischer an aner Länner.

Do sin ech nees beim Argument, dass e strammt Gesetz dat kloer Regeln huet de Menschenhändler Zeechen setzt.

Dat alles kléngt jo positiv, mee et get eng Reih negativ Nieweneffekter.

Deen éischten as deen dass d' Prostitutioun sech an d'Nopeschlänner vu Schweden verlagert huet, déi hirersaits dunn och esou e Gesetz ugeholl hun fir der Sach Herr a Meeschter ze gin.

Donieft kennt dass een haut iwer Internet esou vill nei Méiglechkeeten vu Kontakter huet di een och mam schwedeschen Modell net a den Greff kritt.

En Deel vun der Prostitutioun huet sech an d'Clandestinitéit verlagert, wat fir di betreffen Fraen, Meedercher, Jongen a Männer d'Saach vill mi geféierlech mecht. Mee och a Länner wi Daitschland oder Holland wou Prostitutioun legal ass, leeft viles an der Clandestinitéit: sou dass des Gefoor net eléng mam schwedeschen Modell ze din huet.

En aneren Nodeel vun dem schwedeschen Modell as dass d' Emsetzen vum Gesetz quasi net ze kontrolléieren as: à moins dass een e Client in flagranti erwescht. Di onméiglech Beweisféierung as deemno ee wichtege Kritikpunkt.

Sämtlech Aanalysen di gemach goufen erfassen net déi Persounen di sech an hiren Wunéngen, an mi kléngeren Stiet, um Bord vun de Grousstiet, oder iwert Internetkontakter prostituéieren.

Doderduerch gin d'Statistiken verfälscht.

An awer schéngt et wi wann et deen eenzegen Modell wir, deen den Däiwelsduo Prostitutioun an Traite kann zréckzwéngen.

Letzebuerg as keng Insel

Eppes as kloer: alles wat an eisen Nopeschlänner geschitt en matière de Prostitutioun huet en Impakt op Letzebuerg. Doderduerch musse mer genee am Aa behalen wéi et a Frankraich mat der Gesetzeslag weidergeet. Sollten si sech iwert dem Senat sain Verdict ewechsetzen, an d’Pénalisatioun vum Client aféieren, dann muss Letzebuerg nozéiehen, wa mer net wellen dass eist Land en Eldorado fir Sextourismus get.

Och an Daitschland sin di eenzel Länner am gangen zum Deel mi streng Handhabungen vun der Gestzeslag ze applizéieren: och dat huet en Impakt op eis.

Dohir musse mer de Volet Prostitutioun emmer zesummen mat de Kollegen aus der Groussregioun thématiséieren a kontrolléieren.

Wat welle mir ereechen?

Un alléischer Stell denken ech –an do si mer eis secher eens - dass mer alles, awer och wirklech alles mussen drusetzen fir dem Menschenhandel entgéint ze wiirken.

An, ech denken dass mer eis och eens sin, dass mer deenen Persounen di sech prostituéieren, deen néidegen Schutz mussen garantéieren.

Wéi geet dat am beschten? Gin di Mesüren, di d'Ministesche elo proposéiert, duer?

Wéi sti mer zu:

Ech fänken un mat den Exitstrategien:

Ech weess selwer nemmen allzegudd wéi schwéier d'Emsetzen vun deem Wuerd kan sin. Als Ministesch war ech mat engem konkrete Fall befaasst. Des Persoun, war zanter dem Alter vu 15 Joër fräiwelleg an der Prostitutioun, an huet et no 25 Joër net mi ausgehalen weider op de Strich ze goen. Si war bereed en Job unzehuelen. De Problem allerdéngs war de folgenden:

Si war e gewissen Liewesstandard gewinnt, deen d'Prostitutioun hir erlabt huet, a keen Job hätt hir di selwecht Somme abruecht, well si näischt geléiert hat, an bei all Job hätt misse vu viir ufänken.

Dobäi koum, dass Letzebuerg immens kléng as, an dass et eléng dowéinst schwéier war si ënner Daach ze bréngen, ouni dass et sech séier eremgeschwat hätt vu wou si gif hirkommen.

Unhand vun deem Beispill eléng gesäit een dass Exitstrategien emsetzen e langen Otem brauch, an dass een do op villen Niveaux muss usetzen:

-Formatiounen ubidden,

-Logementer zur Verfügung hun fir di Leit ënner ze brengen (och a ganz besonnesch wann et sech em Fäll aus der Traite

handelt; do get et besonnechsch schwierig well een desen Persounen e ganz spezielle Schutz muss garantéieren, an och do ass d'Gréisst vun eisem Land e Problem, hei heescht et op alle Fall ganz enk mat der Groussregioun zesammenzeschaffen)

-en Partner fannen, di bereed sin Leit aus diesem Secteur opzehuelen.

Jo den Horesca secteur Madame Minister ass ee méiglechen Partner, och d'Adem, mee och gréisser Gemengen kennen do eng Hand mat unpaaken.

D'Exitstrategie as deemno eng positiv Measure, déi Opbauarbecht an Zäit brauch, bis se hir Friichten dréit.

D' Plateforme selwer:

Sou wi ech am Ufank gesot hun, begréisste mir als CSV natirlech dass des Plateforme bestoe bleift.

Ech wënsche mer dass des engagéiert Leit sech weiderhin fir des Cause asetzen, an ech hoffen dass si och Zäit fannen sech mat hiren jeweilegen Homologuen aus dem Ausland auszetauschen, fir gemeinsam un Strategien ze schaffen.

Streetwork:

Sécher soll deen ausgebaut gin, wann ee weess, dass et just esou as wie en kann Vertrauen schafen, an eng gudd Aarbecht an diesem Milieu leeschten.

Allerdéngs muss ee wessen, dass do d'Aarbechtzäiten net vun 8-12 an vun 14 bis 18 Auer sin.

Et brauch een also motivéiert an engagéiert Mënschen di bereed sin zu onkonventionellen Auerenzäiten ze schaffen, sech selwer och zum Deel Geforen auszesetzen.

An Holland z.b. fonctionnéiert dat ganz gudd; e Grappvoll engagéiert Matarbechter hun et ferdech bruecht en Vertrauensverhältnis zu den Prostitueierten opzebauen, sie selwer goufen acceptéiert, an zu hirem Alldag gehéiert et, de Prostitueierten Informatiounen iwert Secherheitsmeasure, Exitstrategieen, Platzen wou se sech kennen austauschen an Gesondheitspräcautiounen zoukommen ze loossen.

Dat kléngt alles gudd a wichteg, mee och do besteet di gréisst Erausfuederung dran, dass een un des Leit erukennt, an sech iwerhapt emol mat hinnen ennerhalen kann.

Do brauch een also Leit déi sproochegewandt sin, fir de Prostitutiounen Basisinfromatiounen kennen ze iwerbréngen.

Dir musst wessen, dass eng ganz grouss Majoritéit vun den Prostitueierten kaum oder knapps e puer Wieder vun eisen drai Sproochen schwätzen. Verschidde Länner sin am gangen am Moment driwer nozedenken, d'Sprooch als Condioun festzeléen, fir de Prostitueierten et ze erlaben iwerhapt kennen an desem Milieu opzetrieden. Domadder wellen se secherstellen, dass des Persounen dann och wéinstens eng Minimalchance hun sech mat Leit di hinnen wellen hëllef auszetauschen.

Streetwork. Deemno eng gudd Sach, wann een sech d'Moyens get dat sérieux ze machen.

Secherheitsmesuren vis a vis vu den Prostituéierten

Tjo do schéngt et mer am schwiergesten ze sin als kléngt Land Grousses wellen ze machen. D'Zesummenaarbecht mat der Groussregion schéngt evident.

Mee e puer legislativ Adaptatiounen gifen schon Villes bewirken: do kéint een eng Reglementatioun iwert de Changement vun der Prostitueierten hir Identitéit virhuelen (am Moment am letzebouer Recht net méiglech), et kéint een Auditounen organisieren am Kader vu Prozesser, wou d'Prostitueierten net missten am Geriichtssall selwer erschéngen- sou wi d'Plateforme dat och proposiert.

Dat wichtechst as awer- an dat huet mer deemols och den Policechef an Holland confirmiert- dass d'Police di um Terrain schafft speziell formiert muss sin. Si muss eng adaptiert Approche zu der Prostitutioun hun, di néideg Distanz a vill Wessen matbrenge fir Affer vun Menschenhandel ze détectieren.

Och sämtlech Matarbechter vun ONGen, an Servicer , jo souguer der Magistratur mussen adequat formiert sin fir op desem Terrain Fouss ze faassen a gudd Aarbecht kennen ze leeschten.

Wat muss nach ausgebaut gin?

Fir alles kennen emsetzen, wouvunner ech bis elo geschwat hun, muss een sech di néideg Moyens gin -a Form vun Ressources humaines fir di ennerschiddlech Servicer esou auszestaffieren, dass si och hirer Aufgab kennen gerecht gin

-awer och a puncto Formatiounen, wou een sollt enk mam Ausland zesummeschaffen, a kucken wou mer vun hinnen kennen léieren.

Donieft picken ech nach e puer Elementer aus der Resolutioun vum Dokument vum Conseil de l'Europe eraus:

-d'Publicitéit vun Sexservicer verbidden

-d'Policeunitéiten spezialiséieren

-d'Coopératioun mat Europol verstärken an hinnen méi Moyens zousécheren

-eng bilateral Kooperatioun mat den pays d'origine vun den Prostitueierten hirzestellen

-verstärkt iwert d'Medien an d'Education ze sensibiléieren

-versichen fiable Statistiken opzestellen a mam Ausland auszetauschen

- Eng Harmonisatioun vun den juristeschen Instrumenter an Europa as unzestriewenn an di international Kooperatioun muss verstärkt gin.

An dann kann een nach e Schrack méi wäit goen:

-Vu dass Letzebuerg d'UNO-Conventioun vun 1949 iwert d'Répressioun vun dem Menschenhandel an d'Prostitutioun ennerschriwen huet

-Vu dass Letzebuerg d'Istanbuler Conventioun ennerschriwen huet, an am gangen as ze ratifizéieren

-Vu dass d'EU Parlament dat lescht Joer am Februar alle Länner recommandéiert huet de Client vun Prostituéierten ze pénaliséieren,

- vu dass d'APCE vun der EU zur selwechter Conclusioun kennt

soe mir als CSV Fractioun, dass et Zäit as dass Letzebuerg de schwedeschen Modell adopteiert och wann deen net daat optimalt Modell as, mee et as daat beschtent Mettel géint de Menschenhandel an d'Prostitutioun. Dat heescht Letzebuerg muss op de Wee goen de Client vun den Prostitueierten ze pénaliséieren, an dofir entspriechend eegend Sanctiounen an Amenden muss ausschaffen.

Ech soen Iech Merci.

Françoise Hetto